



Zwei verdienstvolle Mitarbeiterinnen des CHL mit goldener Uhr ausgezeichnet

Vor kurzem trafen sich die Belegschaftsmitglieder des hauptstädtischen „Centre Hospitalier“ zu ihrer Weihnachtsfeier in den Räumen des Casino 2000 in Bad Mondorf. Direktor Prof. Henri Metz begrüßte außer den zahlreichen Mitarbeitern den Präsidenten des Verwaltungsrates, Marcel Reimen, sowie Krankenhausaumöner Guy Diederich.

In seiner Ansprache drückte Prof. Henri Metz seine Hoffnung auf eine baldige Entscheidung zugunsten des „Centre Hospitalier“ hinsichtlich der endgültigen Einrichtung des nationalen Herzkreislauferkrankungszentrums aus. Auch wies er auf die zusätzlichen Anstrengungen im Hinblick auf den bevorstehenden Ausbau des hauptstädtischen Klinikums hin. Er bedankte sich besonders für den unermüdeten Einsatz seiner beiden Mitarbeiterinnen Yvonne Krenmer und Nicole Daubach.

Den im vergangenen Jahr in den wohlverdienten Ruhestand getretenen Mitarbeiterinnen Josette Stei-

chen-Rausch, Marie-Louise Schoos und Felicie Franziskus sprach er seinen Dank für ihren jahrzehntelangen Einsatz im Dienst des CHL aus. Besonders geehrt wurden an diesem Abend zwei langjährige Belegschaftsmitglieder: Edith Majerus-Thirion, die 1970 in der Kinderklinik anfang und seit 1974 im Rang einer „infirmière hospitalière graduée“ im „Service OP“ ihren Dienst verrichtet, sowie Margy Neu-Fischer, die im selben Jahr als „technicien supérieur d'analyses biologiques“ eingestellt wurde, seit 14 Jahren verantwortlich für die Leitung des biochemischen Laboratoriums ist, und seit zehn Jahren für den organisatorischen Ablauf im hämatologischen Laboratorium zuständig ist. Prof. Henri Metz dankte den beiden Mitarbeiterinnen für ihre aufopferungsvolle Arbeit und überreichte ihnen die goldene Verdienstur zum 25. Arbeitsjubiläum.

Zu den Klängen der Hausmusikband und mit einem ansprechenden kalten Buffet klang die Weihnachtsfeier aus. MarS.

Gemeinderat Nommern will 39,5 Mio. F investieren

Aus der Sitzung vom 28. Dezember 1995

Zur letzten Gemeinderatssitzung im Berichtsjahr 1995 hatten sich alle verbleibenden sechs Gemeinderäte, unter Vorsitz von Bürgermeister Pierre Weimerskirch, eingefunden, um eine Tagesordnung von neun Punkten zu diskutieren und zu erledigen.

Eingang der Sitzung wurde der Kostenvoranschlag für das Feldwegeprogramm 1995, in Höhe von 2.990.000 F mit allen Stimmen genehmigt.

Anschließend genehmigten die Räte das Teerprogramm der Vizeinhalte für 1996. Auch hier gab es Einstimmigkeit.

Die provisorische Genehmigung der Konten des Berichtsjahres 1994, des Sozialamtes, die mit Einnahmen und Ausgaben von 720.039 abschließen, wurden ebenfalls ohne Gegenstimme und Enthaltung angenommen. Die Gemeinde hat hier das Defizit von 77.791 F als Subsid an das Sozialamt übernommen.

Eine Grabkonzession auf dem

Friedhof von Schrodweiler von 200 F wurde ebenfalls einstimmig genehmigt.

Nächster Punkt war die Bewilligung von außerordentlichen Subsidien für 1995. Es erhalten zusätzlich: Sparverein: 7.000 F und Amperas: 15.000 F.

Im „Office National du Tourisme“ wird in Ersetzung des früheren Gemeinderatsmitgliedes J. P. Schambourg aus Nommern, Rat Jean Miltgen aus Schrodweiler zum neuen Gemeindevertreter bestimmt.

Der Gemeinderat gab einstimmig sein Einverständnis zum Beitritt der Gemeinden von Bürmeringen, Kautenbach und Wormeldingen zum SIGI.

Hierauf wurde das ministerielle Gutachten betreffend die Perimeterweiterung in Schrodweiler zum Bau von 13 Wohnhäusern „Auf dem Acker“ verlesen. Der Gemeinderat gibt als schriftliche Antwort, daß er an seinem definitiven Beschluß vom 16.11.95 festhält.

Als letzter Punkt wurden die Eckwerte des berichtigten Haushaltes 1995 und des Haushaltes der Gemeinde für 1996 vorgestellt.

Am Donnerstag, den 4. Januar 1996, findet eine diesbezügliche Vorbesprechung statt, ehe die Haushaltsvorlagen Mitte Januar 1996 in einer eigenen Sitzung verabschiedet werden. Heute sei schon erwähnt, daß die Gemeinde vorsieht, für 1996 die Summe von 39.586.805 F an Investitionen und Infrastrukturen zu tätigen.

Es bleibt noch zu vermerken, daß die Ergänzungswahlen in der Gemeinde am 3. März 1996 stattfinden.

Erwähnen wir schließlich noch, daß ab 1. Januar 1996 die Büros der Gemeindeverwaltung wie folgt geöffnet sind: Montags von 13.30 bis 17 Uhr, dienstags von 13.30 bis 17 Uhr, mittwochs ebenfalls von 13.30 bis 17 Uhr, donnerstags von 7.30 bis 12 Uhr, und freitags von 13.30 bis 17 Uhr. F.S.



Fête d'enfants de l'Ecole supplémentaire bosniaque

La fête d'enfants organisée par l'Ecole bosniaque a eu lieu récemment au centre culturel à Beggen et a réuni une centaine d'élèves, leurs instituteurs ainsi qu'un nombre important de parents.

C'est depuis trois années que l'Ecole bosniaque organise des cours dont le but est la sauvegarde de l'héritage culturel ainsi que de la langue maternelle bosniaques. Ces

cours sont soumis au programme du ministère de l'Education nationale de la Bosnie-Herzégovine.

Les efforts des instituteurs et de leurs élèves seront appréciés lors d'un retour éventuel en Bosnie. L'Etat luxembourgeois a fourni des salles à Luxembourg-Ville, Esch/Alzette et à Wiltz.

Cependant, le travail se heurte à de nombreuses difficultés finan-

cières et matérielles. L'absence de tout subside provenant de sources extérieures pèse sur l'école d'où ce manque de matériel pédagogique et scolaire. De même les instituteurs sont privés de tout appui financier.

Toute aide à l'Ecole bosniaque peut être adressée à l'Ecole Supplémentaire, 17, rue de Vianden, L-2860 Luxembourg.



am Kabel op
101,4 an op
107,45 MHz

102,9 UKW - 104,2 UKW

Samschdeg, den 30. Dezember 1995

Norichten um 7.00, 7.30, 8.00, 9.00, 10.00, 11.00, 12.00, 13.00, 13.00, 18.00 an 18.30 Auer

7.00 Norichten
7.10 Gedanke fir den Dag
Haut mam Frank Zeimet

8.05 Labber an de Weekend
De Start an de Weekend
mat relaxer Animatioun

10.05 Musek as Tromp

13.05 Hitparade
Mat 20 Hiten an dem
CD-Tip vun der Woch

15.05 Goal!
Sportemissioun.
Mat Reportagen, Resultater
an Interviewen

19.05 Musek as Tromp

Sonndeg, den 31. Dezember 1995

Norichten um 8.00, 9.00, 10.00, 11.00, 12.00, 13.00, 18.00 an 18.30 Auer

8.00 Norichten
8.10 Gedanke fir den Dag
Haut mam Paul Weimerskirch

8.15 Opus
Klassische Wonschconcert

9.05 Podium
Eng reliés-kulturell Emissioun

10.05 Opus-Magazin
Klassesch Musek

11.05 Musek as Tromp

13.05 Vill Gléck
DNR-Wonschconcert

14.05 Goal!
Sportemissioun.
Mat Reportagen, Resultater an
Interviewen

19.00 Vu '95 op '96

20.00 Silvester-Party

24.00 Musek as Tromp

Meindeg, den 1. Januar 1996

Norichten um 8.00, 9.00, 10.00, 11.00, 12.00, 13.00, 18.00 an 18.30 Auer

8.00 Norichten
8.10 Gedanke fir den Dag
Haut mam Paul Weimerskirch

8.15 Musek as Tromp

9.05 Op Neljooschdag

10.05 De grouse
Wonschconcert

12.05 DNR-Silvestergespréich
mam Premier Minister
Jean-Claude Juncker

16.00 Gudden Owend
Lëtzebuerg

19.00 Musek as Tromp

DNR - Den Neie Radio B.P. 1522 L-1015 Luxembourg
☎ Zentral 40 70 60 - ☎ Redaktioun 402 401 - Fax 40 79 98



Lesen kostet Zeit, nicht Lesen kostet Geld

Eng KLACK fir eis SPROOCH

Gebräicher – Heem-lechkeet + Zefriddenheet

Den Dicks hat a senger Zäit ewell e klengen Af an d'Gebräicher gefriess, déi et iwer d'ganzt Jor uechter d'Land gin as; dem Professer Jos Hess seng „AltLuxemburger Denkwürdigkeiten“ an déi 5 Bicher vun den Emissioun „Bei äis doheim“ sin eng gelleng „Wull-kéisch“, an deer een esou zimlech alles féint, wat vum Janar bis den Dezember hei als Traditionne gehal gin as. Den Henri Klees huet sech wëssenschaftlech an de „Folklor“ erageknéit; den Alain Atten huet an deem Streech gewiddert; dem Heng Rinnen seng verspreeten Artikelen iwer Gebräicher huet eis Actioun-Lëtzeburgeresch an engem Buch „Uechter d'Jor“ erausgin... domat kann esou zimlech jidferen all méiglech Informatioun iwer Volleks-gebräicher zu Lëtzebuerg fannen.

Et as mat de Gebräicher wéi mat ville Saachen: si entstén an si vergin; ganz dacks gin si och vun anere Gebräicher verdréckt, déi iwergens d'meescht aus dem Ausland kommen... an esouguer hiren Numm bäibehalen; kann z. B. ee mir soen, wat mir mat engem „Aliweiber-Bal“ maachen, oder mat enger „Kap(p)esetzung“... wa weinstens en „Ditte-Bal“ gif gehal gin an déi preisesch „Kappen“ e Stuurz hätten, dat et emol éierbar Lëtzeburgeresch „Kape“ wieren... mä dat soll der Fantasie vun eise sympathischen Organisateure gelooss gin.

Och fir Neljooschdag as et an der Zäit e léiwé Brauch vun den Daf-Giedelen a -Päitern gin; de „Päitersch“ oder d'„Giedelchen“ hun e „Kendel“ kritt; dat war e grouse „Boxemännchen“... deen ower selwer gebak gin as, maj... dem Kuchemännchen seng Knäpp, dat

ware Mënzen, déi mat agebak gin sin, an zwar je nom Portmonni vun de Leit. Doraus as dann och e Sproch entstan: „Deen/dat do huet den décke Su vum Kendel nach!“... also huet hien/hatt net emmer alles direkt ewechgin; ganz dacks „war d'Spréchwuert och op ee geméint, deen „eppes versuerge konnt“... an da si mir net wäit dovun ewech, dat domat wollt méi ofgerénnt gesot gin, hien/hatt wir „kuuschteg“, „knecke“, „abgäuschdeg“.

Natirlech sin „eis“ al Gebräicher fir d'Enn an den Ufank vum Jor net onbedéngt all hei entstan... deenen aneren hir iwergens och nach laang net emmer bei hinnen. Mä och „importéiert“ Saachen a Manéieren, eppes ze feieren, déi sin iwer e Leescht vun hei gezu gin. Haut hu mir et méi mat („Direkt-Import“ ze din, mat méi (zevill?) Geld a manner Zäit... an dat geet bal emmer op d'Käschte vun Heem-lechkeet.

„Eng Kannerhand as séier geféllt“, war an der Zäit e bekannten a richtige Sproch; mä wann d'Kleescher ewell vun Allerhellegen an dorémmer geeschten, wann d'Chrëschtikéndchen esou lues a lues dem Michael Jackson gläicht a „Stille Nacht“ gif emmer méi Watt/Deibel op d'Juedg gejozt gët... da sin (op jidfer Fall hei) d'Kannerhänn esou struppvoll, dat si net méi kenne geféllt gin.

An deem Sënn wënschen ech all eise Frënn en neit Jor vun Nodenkes an Heemlechkeet; as „Gléck“ net ewell zevill? Nee, mä matzen am Wuert „Zefriddenheet“ fanne mir alles, wat mir an „eis Leit“ brauchen... Fridde! Bei äis an iwerall.

Lex Roth

Däiwelskrees


Just des Zäit vum Jor huet een dacks eng Gloscht op eng genesseg Träip, eng gehäert Patis-Schmier, eng Bar Jelli mat gebröde Gromperen, djee... op Schwéngerei!

Do stongen en Iesel an eng Schwéngemamm beienen, an d'Sau huet sech beklot: „As dat dann

net ongerecht, dat mir Gissen esou zimlech alles opgebockelt kriien, wat de Leit net geet... kal ewéi eng Sau, naass ewéi eng Sau, dreckeg ewéi eng Sau, frech ewéi eng Sau, krank ewéi eng Sau?“

„Eng Schwéngerei!“ sot den Iesel. „Du Iesel!“ sot d'Schwäin.

ACTIOUN
LËTZEBUGESCH
EIS SPROOCH
Adressen: Bredewee, 21
L-1917
Lëtzebuerg
Postkëscht 98
L-2010
Telephon 47 06 12
Fax 22 24 90 & 45 83 89
Cotisation/Mëmben:
500 Frang d'Jor
Postscheck: 6644-48



Redactioun fir des
„Klack“:
AL,
Jeanine Theis-Kauth,
Lex Roth,
Paul Wilmes

Redactioun fir d'Klack
N. 19 (27. Januar)
mir an...Dir!
Thema:
Dee geckge Spiirkel

iwer de Kalenner ... kalennert!

Mir hun äis esou un déi „klasesch“ Nimm fir d'Deeg an d'Méint gewinnt, dat ee sech bal keng Gedanken méi driwer mécht, wou se hierkommen a wéi se entstan sin. Eng Parti dovun hun hiren Numm vu Götter a réimesche Keeseren (Janus, Mars, Junius, Julius, Augustus), en aneren Deel besteet just aus Zifferen (7-8-9-10).

An der franséischer Revolutioun guf viles d'ënnescht d'iewesch a bann-bausse gedréint; och d'Nimm vun de Méint hun d'Leit vum „Knätselket“ („Déesse de la Raison“ bei de Spottvullen aus dem Bësch-Departement) ëmgedéift: elauter Nimm, déi eise Frënn vun der Natur hir gréng Häerzer kluckse loosse...

Pluviöse, Ventöse, Germinal, Floreal, Prairial, Thermidor, Fructidor.

Mä dat war net esou extra nei; de Laf vun der Zäit an vun der Natur haten och hei bei äis Nimm fir d'Méint gemaach, déi op d'Liewe vun de Lëtzeburger Kräizerbaiercher gepasst hun. An déi Nimm kënn Dir zënter Jor an Dag am „Mariekalenner“ fannen, oder op Ärem „Bréidreieschkalenner“ liesen. Mir hu fond, dat et schued wir, wann si einfach an de Vergiess gife falen, an dat et dofir keng besser Plaz gët ewéi op deem Kalenner, deen zënter Generatiounen an der Kichen hânt. Dofir och d'Mataar-becht vun der Actioun-Lëtzeburgeresch; de René Faber huet déi Missioun iwerholl, an hie gët dobäi vum

Här Joseph-Emile Weyland fir dee spezialiséierten Deel (Virnimm, Moundphasen) gestäipt.

Mir sin net „op de Mordjess“ drop aus, fir z. B. de „Chrëschesklam-mop“ ze versueren, ower de „Krautwëschdag“ huet esou eng schéin Tradition an interessant Geschicht, dat en hien net soll ver-mueschte loosse; dat as z. B. och wouer fir de „Kënnchereschdag“, deen net nëmme mam reliéise Sënn vun den onschëllege Kanner, mä och mam „Kënncheresch-Maart“ ze din hat... ower, geldir, wat war dat?

Och beim Kalenner léisst et sech also iwer eis Sprooch... kalenneren!

Paul Wilmes

„Hënt em Hallefnuecht“

Mar den Owend geet dem 95er Jor de Schwanz aus; op ville Plaze klaakt e Schampes-Stopp; d'Kultur kritt erëm ze raschen... a mir si gespaant, wien der nom 31. Dezember nach huet... souwisou déi, déi der och vum 1. Januar 1995 ewell haten, ouni se mat Honnerte vu Milliounen musse verschriien ze kriien.

Jidferen vun äis muss bei sech wëssen, wou firwat a wien hie merci ze soen huet... oder wat hien ze bedauern huet. Natirlech wënsche mir äis alleguer an aneren dat Allerbescht fir 1996... mä solle mir äis net emol einfach wënschen, dat et

kengem soll schlecht goen, an drun denken, dat et engem dann ewell immens gut geet! Do brauch een net wäit sichen ze goen... fir eng Kéier as d'Televisioun e gutt Mëtzel.

Eng kleng Sprooch-Fro: Probéiert emol déi einfach Iwerschrëft hei drivol op däitsch an op franséisch ze iwersetzen... geldir, dat as net esou mirnäischt... dirnäischt ronzeckriien... an „Halbnacht“ gët et net am Däitschen, grad ewéi „Mitternuecht“ kee Lëtzeburgeresch as. Mir si méi no bei „minuit“ a „midnight“!

Psalmen op Lëtzeburgeresch

Mir hun dat Buch vun z 320 Saite fir Enn 1995 versprach. Eist Versprache bleift, an all déi Leit, déi op den 31. Dezember 1995 Mëmben bei äis sin an déi „95er“ Cotisation bezuelt hun, déi kriien „d'Psalmen op Lëtzeburgeresch“ och als Cadeau.

Mat der Zäit huet et net esou geklappt, wéi mir et gar gehat hätten. D'Illustratioun mat de 16 volle Saite Chagall-Biller welle mir onbedéngt... ma et gut juristesche („copyright“) an technesch (Qualitéit vun de Clichees) Krämpen, ower dat as elo geleist; d'Schlusskontroll-Aarbecht as duerech perséinlech Zäitproblemer vun engem Mataarbechter hannerdrakomm... och dat as elo an der Rei

D'Psalmen sin also um Kommen.

't as Wanter

Mer zéien d'Kap erof an d'Stir a son: „'t as Wanter, gelt, 't as Wanter“, wann am Schäi vun enger Lanter d'Flacken danzen hin an hir.

Mer steechen d'Hänn méi déif an d'Täsch an droe wëllen Ennerwäsch. Mer wëcken em den Hals e Schal an di gefiddert Stiwwlen un. Sees du zow aneren 't wir kal, dann äntwären déi: „Da's net gelun“.

Du héiers hongreg Kuebe jaken,

an d'Tréine fréieren un de Baken.

Bei d'Hinger schlauft de Fuuss drop lass.

Séi drop, dat et kee Wollef as.

Jeanine Theis-Kauth

Eis Sprooch um DNR • 102,9 an 104,2

An meides bis freides, all Dag mueres um 8.40 Auer eng Minutt fir eis Sprooch. Ar Sprooch! Eddien, Kritik, Froen den Thema as all Dag am LW

de Bancomat

Fir de Wäert an d'Kamouditéit vum „Bancomat“ ze verstoen, misst een emol heiansdo erëm drun denken, wéi dat „soss“ war... a „soss“, dat si keng 50 Jor; et sin der knapps eng Dosen! Hat Dir déi Zäit vergiess, Sue „sichen“ ze goen, an d'Post oder op eng Bank, da war et samschdes a sonndes „pillo“. Déi flott Aariichtung vun haut war vum 20 Jor déi rengste „science fiction“... entschëllegt den Ausdruck, mä wéi as en dann op däitsch oder franséisch. Maja!

Mir kënnen elo nach e sëlliche Guedes vum Bancomat soen, ower hei geet et jo em d'Sprooch. A just an deem Streech huet sech och eppes gemaach, fir dat mir de Finanz-Haiser d'Klack als Merci wëlle lauden. Dir kënn och ewell är Suen „op Lëtzeburgeresch“ ophiewen; Dir wielt d'Sprooch, déi knaddert am Apparat an da kënn... leider net fir jidfer „Invitatioun“, eis Sprooch, och wann Dir „Lëtzeburgeresch“ getippt huet. Wourun dat hält, weess

ech net; bestëmmt net u schlechtem Well, well dee gudder Well as ganz klor an ee Gléck do! Hei dann e léif gemengte Virschlag, wéi déi Sätz der Rei no op Lëtzeburgeresch géngen/sollten/kënnten oder misste sin.

- Äre Bancomat as 24 op 24 Stonne fir Iech do.
- Äre Bancomat as prett.
- Stiecht Är Kaart an.
- Tipp! Är perséinlech Geheim-Nummer.
- Gedéllegt Iech, w.e.g.
- Wéivill Geld wëllt Dir hun?
- Huel! Är Kaart eraus.
- Huel! Är Suen.
- Äddi a villmools merci.

Wann d'Post oder eng Bank gär weider „Ausstreich“ iwer eis Sprooch an hire flotten Apparat hätten... mir sin do... an eis Adress mat alle Méiglechkeiten as och hei an eiser Klack. AL

O Hunneg, gët mer Hunneg!

(Renert II, 30)

Bravo!

fir d'Madame an den Här Guth an Trenéting

Eng vun de beschte Säite vum Hank fir natirlech less-Produkte as ganz bestëmmt d'Suerg fir de gud-den Hunneg. Et as eng komplizéiert Saach. Beien ze halen an Hunneg ze „maachen“; et as och e schwéiere Beruff, wann ee säi Liewen domat wellt verdéngen... An et as net licht, als klenge Betriiberchen nëtt all deene groussen Nimm ze bestoen, déi mat Milliounen-Reklammen a -Mëttele d'Stallagen an de Geschäfte fellen, dat si quaxen.

Wat huet dat dann elo mat eiser Sprooch ze din? Ganz einfach: Huet Dir ewell gewost, dat hei am Land en Haus as, wou Hunneg produzéiert gët, an um Glas de Wee an d'Fassong, d'Method an d'Resultat op Lëtzeburgeresch explizéiert gin! Déi Manéier as esou rar, dat mir hir hei gär eng „Flätsch“ strécken; mir soen och elo well alle „Beie-Männer“ merci, déi op deem Wee matgin, an hëllef ganz gär eng Hand upaken.

Den Hunneg as zënter Uedem an Eiv bei äis doheim; et brauch ee wirklech kengem ze explizéiere wéi gesond eng Hunneg-Schmier as, oder e Läffel Hunneg, fir „zou sech“ ze kommen, a wéi e Grog oder e waarme Wäin mat Hunneg een erëmkréie kann.

Bei dee villen an éierleche Luef, soll et äis vläicht erlaabt sin, drun ze erënnere, dat op Lëtzeburgeresch näischt „geziicht“ gët, mä „gezillt“, keen Déier a keng Planz! A well zënter Jor an Dag, hei Beie gezillt gi sin (dat war jo an der Zäit deen eenze-gen Zocker), sin et och emmer „eiser“ Ausdréck an deem Streech gin. Mir wire frou, déi mat der Federatioun vun de Beie-Leit (firwat net „Beienzillerten“) zesammen an eis „Klack“ ze setzen.

Ee flott Beispill: mir kenne keng „Wab“; am 2. Gesank vum Renert seet de Fuuss zum Bier, hien hätt den Hunneg „mat der Ros“ gefriess... also as „die Wabe“ eng Ros!

Nach eng Kéier: Bravo! Mir frënn äis op d'Matschaffen. Paul Wilmes